QP 2904

LSAP

**REÇU**
*Par Christine Wirtgen , 09:45, 25/09/2020*

Monsieur Fernand Etgen
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, de 25. September 2020

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

D´Quarantän-Reegelungen a gewëss Ausname fir Enseignanten hunn déi lescht Deeg iwwer fir vill Opreegung gesuergt. Dës Entscheedunge goufe getraff fir de Schoulunterrecht kënnen ze garantéieren. Och wa gewosst ass, datt de perséinleche Kontakt tëscht Schüler an Enseignant immens wichteg ass, bitt den "Enseignement à distance" eng valabel Alternativ a Pandemiezäiten, zumools, wann den Homeschooling sech just op e puer Deeg géif limitéieren. Esou kéint en Enseignant, deen a Quarantän ass, säi Cours via Videostream an d´Klass bréngen, grad esou wéi Schüler, déi a Quarantän gesat ginn, vun doheem aus hir Course kéinte suivéieren. Genee dat hat den Här Minister bei der Explikatioun vum « Stufeplang » och an Aussiicht gestalt. Domat kéim all Kand zu sengem Recht op Bildung, an d'Quarantän kéint trotzdeem agehale ginn.

An deem Zesummenhang wollt ech dem Här Educatiounsminister dës Froe stellen:

- Hunn eis Schoulen sech op den "Enseignement à distance" ageriicht, fir deenen uewe genannte Problemer Rechnung ze droen? A villen anere Länner goufe Konzepter ausgeschafft, dass en Enseignant zu all Moment muss prett sinn, vum analogen op den digitalen Unterrecht ëmzeklammen. Gouf iwwert de Summer och hei am Land esou eng Strategie an Ofsprooch mam Terrain ausgeschafft? Läit e Konzept vir, sou dass eis Enseignante, wann et misst sinn, vun haut op muer kéinte vun doheem aus ënnerriichten?
- Vulnerabel Enseignanten a Kanner praktizéieren haut schonn de Fernunterrëcht. Wéi vill Enseignante streamen zanter der Rentrée hire Cours vun doheem aus ? Wéi vill Kanner sinn an der Situatioun, dass si aus gesondheetleche Grënn net an d´Schoul dierfen an dofir vun doheem aus hir Course kënne verfollegen?
- Ween decidéiert, wéini en Enseignant "à distance" dierf ënnerriichten"? Ginn et hei national Richtlinnen oder ass dat de jeeweilege Schoulen iwwerlooss? No wéi enge Critère gëtt beurteelt, op Fernunterrëcht Sënn mécht?

LSAP

- Ass de Minister am Gaang eng Strategie fir de Fernunterrecht virzebereeden, fir esou och d´Situatioun vun Enseignanten, déi theoretesch an der Quarantän misste sinn, awer praktesch an der Schoul present sinn, z'evitéieren ? Wann jo, wéi séier kéint déi ëmgesat ginn? Denkt de Minister drun, Surveillanten ze rekrutéieren, déi, sollt den Enseignant seng Coursë à distance streamen, eng Surveillance vun de Kanner garantéieren?

Mat déiwem Respekt,

Francine Closener
Deputéiert

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 2904 vun der honorabeler Deputéierte Francine Closener**

**Ad 1)**

Wärend dem Confinement, am Fréijoer 2020, konnte meng Servicer, grad wéi och all d'Membere vun de Schoulcommunautéiten, souwuel an der Grondschoul wéi och am Lycée, wäertvoll Erfarungen am Beräich vum Enseignement à distance sammelen. D'Schoulpersonal huet sech an dëser neier Situatioun virbildlech engagéiert, fir de Schüler iwwer ganz kreativ Aart a Weis méiglechst differenzéiert Aktivitéiten unzebidden an esou den Developpement vun de Kompetenzen optimal ze férderen.

Fir den Ufank vum neie Schouljoer goufen d'Schoulen opgefuerdert, eng Rei vu Moossnamen ëmzesetzen, fir den Enseignement à distance ze erliichteren: de systematesche Gebrauch vun der Plattform "Teams" mat der Ariichtung vun deenen néidegen "espaces de collaboration"; d'Kontroll duerch d'Léierpersonal vun der Aktivéierung vum IAM-Compte vun all Schüler; de Recensement vun deene Schüler, déi iwwer keng informatesch Ressourcë verfügen, an deemno musse vun der Schoul respektiv vum Centre de Gestion informatique de l'Éducation (CGIE) mat Material equipéiert ginn.

**Ad 2)**

Wéi eng Tâchen en Enseignant, deen als vulnerabel agestuuft ginn ass, kann iwwerhuelen, gëtt op Basis vun der Recommandatioun vum Aarbechtsdokter décidéiert. Esou kann et beispillsweis sinn, datt duerch d'Ëmsetze vu bestëmmten Adaptatiounen (an zousätzleche Mesuren), eng Interventioun vum Enseignant an der Schoul méiglech ass. En vulnérabelen Enseignant kann awer och fir administrativ Aarbecht oder ebe fir den Enseignement à distance agesat ginn.

Am Enseignement fondamental gesäit de Fernunterrecht kee Streaming vu Coursë vir, soll awer eng direkt Interaktioun tëscht dem Enseignant an eenzelne Schüler erlaben. Den Enseignant encadréiert d'Kanner wärend de Léieraktivitéiten an kann esou de Léierprozess ajustéieren an op individuell Froen agoen. Fir d'Rentrée 2020-2021 waren insgesamt 69 Enseignanten a 70 Schüler als vulnérabel agestuuft ginn.

Am Enseignement secondaire streamen déi vulnerabel Enseignanten den Unterrecht an der Reegel vun doheem aus; d'Schüler vun hire respektive Klasse mussen dann natierlech an der Schoul surveilléiert ginn. 36 Enseignanten sinn an där Situatioun. 45 Schüler kënnen aus gesondheetleche Grënn den Unterrecht vun doheem aus verfollegen.

**Ad 3)**

No enger Analys vun der aktueller Situatioun gouf a Kooperatioun mam Gesondheetsministère e Plang ausgeschafft, deen de Fonctionnement vun der Schoul a COVID-Zäite reegelt; dëse Plang, bekannt als "Stufeplang", gouf vun der Regierung adoptéiert a sämtlechen Acteure vun der Schoulcommunautéit matgedeelt. En hält ënnert anerem fest, a wéi engem Fall op den Enseignement à distance zeréckgegraff gëtt.

Am Fall vun engem Zenario 1, wann et zu engem eenzelen Infektiounsfall an enger Klass komm ass, gëtt dee Concernéierten doheem isoléiert; allerdéngs gi weeder den Enseignant nach déi aner Schüler a Quarantän gesat. Deemno kann den Unterrecht weiderhin an der Schoul stattfannen; ee Fernunterrecht gëtt fir dee Schüler organiséiert, deen doheem isoléiert ass.

Am Kader vun engem Zenario 2, wa méi Fäll innerhalb vun enger Klass virleien, ass de Risiko fir eng Verbreedung vum Virus méi héich. An dësem Fall gëtt déi betraffe Klass a Quarantän gesat an et gëtt op den Enseignement à distance zeréckgegraff.

Am Fall vun engem Zenario 3, wann eng Infektiounsketten innerhalb vun der Schoul nogewise gëtt, kënnen ënnerschiddlech Mesurë vum Comité de Pilotage *"COVID-19 and Education"* decidéiert ginn. Des Mesurë si villfälteg a gi jee no Situatioun zesumme vum Gesondheetsministère an dem Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend beschloss. Eng vun dëse Mesurë ka beispillsweis sinn, datt bestëmmte Klassen, oder, falls néideg, all d'Klassen aus enger Schoul op den Enseignement à distance zeréckgräifen.

**Ad 4)**

Wéi an der Äntwert op déi drëtt Fro beschriwwen, hält en Enseignant, deen a Quarantän gesat ass, net weider Unterrecht an der Schoul; dann trëtt den Enseignement à distance a Kraaft.

Am Enseignement fondamental gëtt den Enseignant, deen a Quarantän gesat gouf, duerch e Remplaçant ersat, bis hien erëm selwer dierf an d'Schoul goe fir ze ënnerriichten. Am Enseignement secondaire streamt den Enseignant säin Unterrecht vun doheem aus; seng Schüler verfollegen den Unterrecht an der Schoul, wou si ënnert der Surveillance vun engem Member vum Schoulpersonal stinn.

De Projet de loi 7688, deen de 26. Oktober vun der Regierung ugeholl, an den nämmlechten Dag der zoustänneger Chamberkommissioun virgestallt gouf, gesäit zousätzlech Méiglechkeete fir de Recrutement vu Schoulpersonal vir.